



Madamm Teresa MONTEIRO

Gemengeconseiller

30, route de Longwy

L-4750 PETANGE

Referenz : 2025.65762.SECR

Péteng, den 8. Abrëll 2025

Betreff: Är Froe vum 8. Mäerz 2025

(Den Dossier gëtt bearbecht vum Serge Breyer - Tel. : 50 12 51 – 2071)

Madamm Teresa Monteiro,

An Ärem Bréif vum 7. Mäerz 2025, deen Dir der Verwaltung per Email den 8. Mäerz geschéckt hutt, stellt Dir dem Schäfferot folgend Froen :

Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,

Am Zesummenhang mam "Rockabilly", huet Piratepartei folgend Beobachtung gemaach:

E Klub aus eiser Gemeng, den sech primär u Léit mat Autosinteresse riicht, gouf opgefuerdert 5000€ engem Syndikat vu Péteng ze iwwerwéisen. Dëst, sou heescht et, als Entschieedegung well den "Interesseklub vun den Autoen", d'Monopolstellung vum Syndicat vu Péteng, fir de Rockabilly, ewechgeholl huet.

Dest Situation werft allerdéngs verschidden Bedenken op:

- All Member engagéiert sech fräiwelleg fir e Fest, den Péteng säit Joren well grouss féieren a zu gläich e groussen Datum am Festivitéitskalenner vu der Gemeng Péteng duerstëllt.

-Mussen a Zukunft eis Klib, déi all op fräiwëlleger Basis schaffen, e vertraglechen Zwang ënnergeuerdent ginn, wann d'Chiffre d'affaires sech deplacéieren?!

An deem Zesummenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech Iech folgend Froe stellen:

1. Toleréiert de Schäfferot d'Praxis vun der Taxéierung vun engem Syndikat un e klenge Club, an dëst iwwert de Wee vun engem finanziellen Drock?

2. A wéi engem Gemengereglement bezüglech de Statute vun den Asblën, gëtt engem Club oder engem Syndikat erlaabt, engem anere Club oder Syndikat Suen als Entschieedegung ze froen?



3. Sollten ärer Meenungen no, d'Gemengeresponsabel, esou finanziell Bezeihungen zwëschent zwee ènnerschiddlech grouss Veräiner, net méi genau ukucken an agräifen?

4. Besteet eng Konventioun zwëschent dem Syndikat vu Péiteng a der Gemeng, wa jo, em wéi ee Montant handelt et sech hei am Joer? (D'Revenue vun den Engagementer fir d'Evenement iwwert d'Joer ginn net matagerechent)

5. Gëtt et fir de Schäfferot eng Méiglechkeet dëser Praxis vu finanzieller Opfuerderung ze préiwen a gegebenenfalls dorobber ze reagieren?

Mat Respekt,

Teresa Monteiro
Gemegeconseiller

Hei dem Schäfferot seng Äntwert op Är Froen :

No onse Recherchen ass Är schrëftlech Fro scho vun engem Vetrieder vun Ärer Partei gestallt gi bei der Generalversammlung vun de Retro Cars, wou hien och di néideg Informatiounen vum Keessjee vun deem Veräin kritt huet.

Dofir versti mir Är Initiativ net a kënnen Iech nëmmen datselwecht soen, wat Äre Vetrieder deemools scho matgedeelt kritt huet.

Mir bedauern, dass hei Saache verdréint ginn, well et sech weder em eng Entschiedegung, e vertraglechen Zwang, eng Taxéierung oder finanziell Opfuerderung handelt, mee ëm eng Bedeelegung u gemeinsame Fraisen !

Fakt ass : De Syndicat huet d'Wuer akaaft an d'Retro Cars huet hinnen d'Halschent vun deene Fraisen zeréckbezuelet. Am Joer virdrun, um Rockabilly 2023 war et just ëmgedréint. Do huet de Syndicat de Retro Cars d'Halschent vun de Fraise rembourséiert !

Och musse mir feststellen, dass wa weiderhin esou Froen gestallt ginn, et schwéier gëtt konstruktiv mateneen ze schaffen.

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär,

De Buergermeeschter,